**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8100 vum 22. Juni 2023 vun der Madamm Deputéiert Nancy Arendt.**

Déi honorabel Deputéiert stellt sech eng Rei Froen am Zesummenhang mam Bilan fir d'Verkéierssécherheet op eise Stroossen fir 2022.

2022 war effektiv kee gutt Joer wat d'Verkéierssécherheet ugeet. Et gouf eng signifikant Hausse wat déi Doudeg op eise Stroossen ugeet. Lëtzebuerg bleift domatter net vum sougenannte "Post-COVID-Effekt" verschount, deen och a villen anere Länner festgestallt ginn ass. Esou sinn d'Zuele vun de Verkéiersaffer a ville Länner, och a Länner déi soss zu deene Beschte gehéiere wéi zum Beispill Dänemark oder Schweden, an d'Luucht gaangen. Fir Lëtzebuerg, wéi bei deenen anere klénge Länner och, muss een awer bedenken, datt mir, opgrond vun eise statistesch kléngen Zuelen, enger staarker Fluktuatioun vun eisen Zuelen ausgesat sinn. Dofir muss een d'Zuelen iwwert e längeren Zäitraum kucke fir Aussoen iwwert en Trend maachen ze kënnen. Hei ass et dann awer d'Erkenntnis, datt Lëtzebuerg zanter 2013 eng Reduktioun vun 20% vun de Verkéiersaffer ze verzeechnen huet. Vergläicht een dann och eis Zuele mat deenen aus dem europäeschen Ausland, esou läit Lëtzebuerg, op 1 Millioun Awunner gekuckt, op der 9 Plaz am europäesche Verglach.

Wann een sech d'Bild vun de Verkéiersaccidenter méi genee ukuckt, esou ergëtt sech fir 2022 folgend Bild wat d'Ursaache vun den Accidenter ugeet:

| Causes présumées | Accidents mortels | Accidents graves | Total |
|---|---|---|---|
| Vitesse présumée excessive ou inappropriée | 11 | 57 | 68 |
| Présence d'alcool > taux légal autorisé * | 15 | 36 | 51 |
| Non-respect de la priorité | 1 | 33 | 34 |
| Franchissement de la ligne de sécurité mitoyenne | 4 | 29 | 33 |
| Suivre trop prêt | 2 | 21 | 23 |
| Faute de dépassement | 2 | 28 | 30 |
| Conduite à contresens | 1 | 8 | 9 |

| | | | |
|---|---|---|---|
| Non-observation de feux rouges | 0 | 5 | 5 |
| Mauvais signaux ou absence de signaux | 0 | 3 | 3 |
| Faute de manœuvre | 4 | 12 | 16 |
| Faute envers piéton | 3 | 34 | 37 |
| Drogues > taux légal autorisé* | 2 | 11 | 13 |
| Autres non repris dans la liste | 3 | 6 | 9 |
| **Nombre total d'accidents** | **35** | **231** | **266** |

*Source : STATEC, Police grand-ducale *chiffres provisoires*

Aus dëser Statistik ass also ze erkennen, datt, esou wéi déi lescht Joren och, d'Haaptgrënn fir schwéier an déidlech Accidenter op eise Stroossen d'Vitesse an den Alkohol sinn.

Wat d'Accidenter vun anere motoriséierte Gefierer wéi Autoen ugeet, esou waren dat 8 déidlech Accidenter mat Motorrieder an eent mat enger Camionnette. Hei ass ze konstatéieren, datt d'Accidenter mat Motorrieder säit Joren e gewësse konstanten Deel vun de Verkéiersaffer ausmaachen. Dofir ass zesumme mat der Police e Konzept op d'Bee gestallt ginn, wou speziell an der Summerméint spezifesch Motoskontrollen op deene vu Motocycliste beléifte Strecken am Land gemat ginn.

Dës Zuele weisen awer och, datt bei deene meeschten Accidenter mat Persouneschued ëmmer nach 2 Autoe impliżéiert waren.

Wat d'Kontrollen ugeet, esou sinn déi ordonnéiert Alkoholskontrolle vum Parquet e wichtegt Element fir géingt den Alkoholsmëssbrauch um Steier ze kämpfen. Bei der Vitesse sinn déi automatesch Radaren am effektiivsten. Virun allem bei de Streckeradare kann een déi Beschte Resultater konstatéieren. Esou gouf et op der N11 am Beräich vum Radar kee schwéiert Accident méi säit en a Betrib geholl ginn ass. Dofir gouf dëse Modell vu Radar och no an no op aner besonnesch geféierlech Plazen am Land installéiert wéi zum Beispill an den Autobunnstunnellen.

Generell ass et awer esou, datt fir laangfristeg Resultater an der Verkéierssécherheet kënnen ze erreechen, datt een op kontinuéierlech Mesure muss setzen, déi e Mix aus Ausbildung, Präventioun an awer och Repressioun duerstelle mussen. Dofir ass et wichteg, d'Leit ëmmer nees fir d'Geforen am Stroosseverkéier ze sensibiliséieren. Fir op d'Geforen vun der ze héijer Vitesse opmierksam ze maachen, wäert dofir zum Beispill déi nächst Campagne vum Ministère an der Sécurité Routière sech mat dësem Sujet am Hierscht befaassen. Dës Weidere muss awer

trotzdem och op permanent Verkéierskontrollen zeréck gegraff ginn, souwuel wat d'Vitesse an den Alkohol ugeet, awer och zum Beispill wat d'Benotze vum Handy um Steier ugeet, wat och e grousse Problem duerstellt.

Lëtzebuerg, de 26. Juli 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch